



Ech géif dann awer och nach dem Här Finanzminister fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Chamberskommissioun Merci soen, genau-sou wéi sengen emsegen a kompetente Fonctionnaires, besonnesch an deem Kontext dem Här Vincent Thurmes, deem keng Minutt ze fréi an ze spéit ass, fir och dem Rapporteur op Froen ze äntwerten.

An domadder wëll ech schléissen, den Accord vu menger Fraktioun ginn an lech all heibanne fir Är Opmierksamkeet an deem héich techneschen Dossier Merci soen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur, dee jo och dann den Accord vu senger Fraktioun matginn huet, ginn ech emol dovunner aus.

► **Plusieurs voix.**- Ah jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Majo, da géif ech d'Wuert weiderginn un déi verschidde Riedner vun deenen eenzelne Fraktiounen. Ass dat all Kéiers nëmmen, fir den Accord ze bréngen, oder?

► **Une voix.**- Méi!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Oder méi?

(*Brouhaha*)

Neen?

► **Une voix.**- ...wann den Accord elo gi gi wär.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Sidd Dir...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, mä loosst eis awer...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Mir müssen awer zumindest dierfen dem Rapporteur Merci soen.

► **Plusieurs voix.**- Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Maacht Dir dat da stellvertriedend fir all déi aner mat?

Den Här Mosar huet d'Wuert an dann déi nächst.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Mä ech wollt awer d'Wuert ergräifen, fir dem Här Bauler, dee ganz vill Facetten huet, e grouse Spezialist besonnesch am Kulturbereich, Kierchen, Kirchegefang - haut hu mer eng aner Facette vun him kennegeleiert -, e ganz grouse Merci ze soen. En huet dat brillant gemaach, e soll esou virufueren. Mir ginn natierlech eisen Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Fayot huet d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Ech verstinn, dass Dir an déi aner Kolleege presséiert sidd. Ech wëll awer trotzdem ennersträichen, dass mer hei haut e wichtege Projet de loi stëmmen, de Rapporteur huet et rappéléiert, mat Lektionen aus der globaler Finanzkris, mat deenen „credit default swaps“, déi jo u sech à l'origine waren zum gréissten Deel vun där Kris.

An duerfir mengen ech, dass mer haaptsächlech och deem Reglement EMIR haut eng Base légale ginn, déi e bis elo nach net hat - dee Reglement ass jo en vigueur säit 2014 -, an dat kënne mer natierlech och als LSAP-Fraktioun nëmmen ennerstëtzen. Duerfir géif ech dem Rapporteur gär Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an och den Accord gi vun eiser Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Merci, Här President. Och mir wëllen dem Rapporteur, dee sech ganz séier ageschafft huet an déi Matière an der Cofibu, Merci soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport an den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Loschetter. Den Här Reding huet d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Och vu menger Säit aus eng Félicitation un de Rapporteur. Et ass eng ganz technesch Matière, a wierklech all Respekt, fir sech esou anzeschaffen. An ech bréngen och den Accord vun der ADR fir diesen Text.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci gesot. An dann huet d'Wuert den Här Finanzminister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schléisse mech de Félicitationen un de Rapporteur u fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Ech muss em wierklech féliciteieren, well d'Matière ass effektiv komplex an en huet dat wierklech brillant an och eene-germoosse verständlech gemaach, wéi een déi Matière ka bréngen.

Ech wëll awer och, wéi den Deputéierte Franz Fayot richtig gesot huet, ennersträichen, dass et en fait wichtege Reglementatione sinn, wann ee bedenkt, dass d'Finanzkris en fait vun Derivater an Amerika ausgaangen ass. Et war bestëmmt net déi eenzeg Cause, mä et war eng wichteg. An et ass gutt, dass Europa sech hei déi néideg Instrumenter gëtt.

Et ass och interessant, am Kontext vun der Diskussion, déi mer haten iwwert de Brexit haut de Mëtten, ze gesinn, wéi wichteg et ass, dass een dat op europäischem Niveau regelt an dass mer dat an engem Kontext maachen, deen e Kontext ass vum Marché unique an de Kontext vum „Single Rulebook“. Dat si keng abstrakt Saachen.

Ech géif och wëllen ennersträichen, dass mer hei eng Rëtsch Texter ëmsetzen. Vlächte ee Wuert zu där spezifischer Saach, dass hei e Reglement ëmgëst gëtt. Fir déi, déi doheem sinn am Droit communautaire: E Reglement brauch normalerweis net ëmgëst ze ginn, d'Direktive mussen ëmgëst ginn. Mä am Reglement mussen mer hei zum Beispill d'Autoritéite bestëmmen, déi zu Lëtzebuerg zoustänneg sinn. Dat ass dann d'CSSF, en gros, fir dat meescht, an dann nach och de Commissariat aus Assurances an dann och eng Referenz awer op d'ESMA, déi europäesch Institutioun fir d'Référentiels centraux.

Wat d'Agences de notation ubelaangt, och déi hunn an der Kris eng wichteg Roll gespillt, an der Weltfinanzkris. Si sinn och vill kritiséiert ginn, well se verschidde vun deene Produiten, déi hei elo nei geregelt ginn, net kritesch genuch gekuckt hunn. An dofir gëtt och iwwert d'Direktiv oder de Règlement CRA 3 derfir gesuergt, dass och méi Konkurrenz an deem Secteur opkënn, dass méi kleng Akteure kënnen do tätég ginn, fir dass doduerch méi Informatioun zirkuléiert an doduerch och eng besser Protektioun vum Investisseur kënnt.

Leschte Punkt ass vlächte deen obskuren Numm TARGET2-Securities. Dat sinn Instrumenter, déi ganz wichteg sinn an eng grouss Roll spillen, och haut an der Europäescher Zentralbank, fir genuch Liquiditéiten op d'Marchéen ze setzen. An der Politique monétaire, déi d'Europäesch Zentralbank haut bedreift, déi och ganz generéis ass, spillen déi Instrumenter hei eng Roll. An et ass och wichteg, dass hei verstanen gëtt, dass mer eng effikass Manéier kréien, fir Économie d'échellen zustanen ze bréngen an dofir dann och d'Gestioun vun deene finanziellen Instrumenter méi gönschteg ze maachen.

Ech si frou, dass alleguerten d'Parteie kënnen haut dat Gesetz an dee Reglement an déi Direktiven hei zu Lëtzebuerg adoptéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat wär d'Diskussion ofgeschloss. Mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensembl vum Projet de loi 6846 iwwergoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6846 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6846 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthaltungen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An et bleift mer d'Fro, ob mer bereet sinn, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméisseg Vott ze ginn.

#### (Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert. Villmools Merci.

Mir géifen dann zum nächste Projet de loi iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6920, eng Décisioun vum Conseil vun der EU iwwert de Système des ressources propres vun der Union européenne. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger.

#### 11. 6920 - Projet de loi portant approbation de la Décision du Conseil de l'Union européenne du 26 mai 2014 relative au système des ressources propres de l'Union européenne (2014/335/UE, Euratom)

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Déi lescht Deeg sti jo Europa, den Zesummenhalt vun Europa an och de Fonctionnement vun Europa erëm am Mëttelpunkt vun eisen Diskussiounen. Mir haten och haut de Mëtten eng Diskussioun respektiv eng Deklaratioun iwwert de Brexit. An dese Projet de loi, deen ech och elo ganz kuerz wäert presentéieren, behandelt och een Aspekt vum Zesummenhalt vun Europa, dee sécher net onwichtig ass, well et ëm déi finanziell Moyene geet, déi Europa brauch, fir ze agéieren, fir seng Politicken ëmsetzen an och fir kënne sech weiderzëntwëckelen.

Et geet also hei ëm d'Recettë vum EU-Budget. Dat heescht hei méi spezifesch ëm d'Recettë vun der EU fir d'Joren 2014 bis 2020, fir déi guttzeheeschen an och eigentlech esou eng Basis ze leeën, dass Europa weiderhin eng staark gemeinschaftlech Politik kann ëmsetzen.

Déi nei Gestaltung vun de Recetten, där mer haut de Mëtten, haut den Owend elo wäerten hoffentlech alleguerten zoustëmmen, baséiert op enger Décisioun vum Conseil vum 26. Mee 2014 an déi couvériert dann d'Period vun 2014 bis 2020. Dës Décisioun, déi hält fest, wéi d'Recettë vun der EU sech zesummesetzen, an also am Endeffekt och, wéi vill déi eenzel Länner an d'EU-Dëppen abezuele müssen.

Ech erspueren lech elo all d'Detailer, wéi dat funktionéiert. Ech wëll vlächte nëmmen déi ganz grouss Linnen eng Kéier kuerz skizzéieren. Ech mengen, d'Prinzipie sinn déi: Op där enger Säit soll kee Land méi ofginn, wéi dat, wat et dann nach op där anerer Säit brauch, fir selwer kënnen ze funktionéieren. Op där anerer Säit muss jo awer och d'Union genuch Moyenen hunn, fir hir Politik kënne richtig ausféieren. Et geet also hei am Fond ëm d'Solidaritéit tëschent de Memberstaten an och d'Solidaritéit innerhalb vun der EU-Gemeinschaft.

Et ginn, fir dat nach eng Kéier ze rappéléieren, dräi grouss Kategorien, wat d'Ressources propres ugeet vun der Europäescher Union. Eng Kéier sinn et déi sougenannte Ressources propres traditionnelles, dat ass en Deel vun den Douanestaxe vun Importer, déi déi eenzel Länner erakréien, déi se müssen ofginn. Da geet et och ëm Ressources, déi déi eenzel Länner hunn, déi op d'TVA-Recettë vun den eenzelne Länner berechent ginn. Hei gëtt och jiddwereen, all Land eppes of. Dat dierf awer net méi wéi 50% vum RNB vun deem jeeeweilege Land bedroen. An dann, drëtzens, hu mer och nach Ofgabe par rapport zum Revenu national brut, déi do gerechent ginn.

Bon, nieft diesen allgemenge Regele ginn also hei e puer Adaptatiounen gemaach. Et ass enner anerem eng Adaptatioun, déi virgesäit, dass d'Memberstate bei de Ressources propres traditionnelles maximal 20% selwer behale kënnen. Dann ass et och esou, dass beim RNB eng nei Rechnungsmethodologie agefouert gëtt, de sougenannten „SEC 2010“.

An dann hu mer och nach e puer Korrektionsmechanismen, wou fir verschidde Länner aner Prozentsätz an deene verschiddene Kategorien, déi ech lech elo hei kuerz opgezielt hunn, zielen. Och do ginn ech elo net op de Komma an. Einfach nëmmen, fir ze soen: D'Korrektioun bei de Ressourc bei der TVA, do wäert fir Holland a Schweden déi Korrektioun eropgoen an déi fir Éisträich ab 2014 ewechfalen.

Dann, déi aner Modifikatiounen, wéi gesot, ouni elo an den Detail dorobber anzegoen... Ech kucken awer... Jo, dann ass Dänemark - voilà! -, Dänemark, Holland a Schweden profitéiere vu Reduktiounen, wat hiren Undeel bei der Ressource vum Revenu national brut ugeet.

A fir Éisträich gëllt dat nëmme fir d'Joren 2014 bis 2016.

An dann, fir England gëllt weiderhin eng Ausnam, déi awer schon 1985 agefouert ginn ass. Dat ass elo net och wéi..., haut de Mëtten hate mer jo eng länger Diskussioun am Kader vum Brexit, dat ass awer och, fir ze verhënnern, dass d'Engländer oder Groussbritannien net iwwerméisseg vill erabezuele par rapport zu deem, wat se erauskréien. Haut de Mëtte war jo och dee Chiffer gefall. Ëmmerhin ass et awer esou, dass Groussbritannien zéng Milliarden an d'Europäesch Union erabzilt. Also, dat soll een awer och ëmmer am Hannerkapp behalen.

Bon, an dann nach eng lescht Adaptatioun. Generell gëtt de Plaffong vun de Ressourcen op 1,23% vun der Zomm vum Revenu national brut vun all de Memberstate gedeckelt. Also hei haaptsächlech déi eng oder aner Adaptatiounen, dovunner kënnt Der am Rapport dann d'Detailer noliessen.

D'Fro, déi sécherlech deen een oder aneren interesséiert hei zu Lëtzebuerg an och an deenen anere Memberslänner, ass ëmmer déi klassesch Fro: Wat heescht dat elo konkret fir Lëtzebuerg? Bezeue mer méi eran, wéi dat, wat mer erëmkreien, oder kréie mer méi erëm, wéi dat, wat mer abezuelen? Oder bezeue mer méi an a kréie manner erëm?

Dat ass eng technesch an net einfach Rechnung, déi een do muss maachen, fir do och kënne genau eng Äntwert ze ginn. Einfach, wann een elo no hanne kuckt, an der Period 2007-2013 louch déi Lëtzebuergesch Contribution bei ëm déi 1,9 Milliarden Euro. Dat sinn an der Moyenne ëm déi 268 Milliounen Euro d'Joer. Op där anerer Säit huet awer an deene leschte siwe Joer als Beispill och eist Land direkt Leeschtungen am Wäert vun 1,45 Milliarden Euro zréckkritt.

Mir hunn also an deem Sënn zwar méi abezuel op den éischte Bléck, wéi mer erauskritt hunn. Et dierf een awer och net déi aner indirekt Effekter vergiessen. An ech mengen, mir si jo och doduerch erëm am Virdeel, dass mer hei eng Rei europäesch Institutiounen zu Lëtzebuerg hunn, déi natierlech vun der EU finanziell ennerstëtzt ginn, déi awer och sekundär Effeten hunn op d'wirtschaftlech Aktivitéit hei am Land.

Ech mengen, do ass et dann zum Beispill esou, dass do awer och zum Beispill Gebaier gebaut ginn, dass dat natierlech och Aarbecht fir Entrepreneuren ass, dass dat Aarbechtsplaze kreéiert. An deenen Institutiounen schaffen och Leit, dat heescht, et ginn och Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg kreéiert. D'Kafkraaft vun deene Leit ass och net ëmmer déi klengst, déi dann natierlech och dat an d'Lëtzebuergesche Economie op déi eng oder aner Aart a Weis erëm mat erabrénge. Einfach, fir ze soen, dass déi Rechnung net ëmmer einfach ass, mä dass mer enner dem Stréch awer sécherlech net ze vill verléieren, mä eng Rei aner positiv Effeten och dovunner hunn.

Bon, dat gesot, nach kuerz och, dass de Conseil d'État kee Problem mat deem Projet de loi hei hat an dass ech an engems och nach géif den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet erabrénge.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. An dann huet d'Wuert den Här Mosar.

#### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci, Här President. Och hei e ganz grouse Merci a Félicitatiounen un de Rapporteur, deen dat op eng ganz exzellente a komplett Aart a Weis exposéiert huet, dat an engem technesch schwierigen Domän.

Ech mengen, déi wesentlech Fro, déi huet e gestallt an op déi hu mer awer keng Äntwert: déi, wat déi Contribution nette schlussendlech wäert sinn. Ech fäerte just, dass déi Fro, déi schonn ëmmer fir vill Welle gesuergt huet, elo - an der aktueller Situatioun ass par rapport zu der Flüchtlingsthematik - nach wäert méi Aktualitéit an deenen nächste Wochen a Méint kréien.

Duerfir wär et schonn och interessant, wa mer vlächte esou schnell wéi méiglech och vum Finanzminister elo méi prezis Donnéeën iwwer eis Contribution kriterien.

Dat gesot, wäerte mir op jidde Fall dese Projet stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet den Här Haagen d'Wuert.

► **M. Claude Haagen (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. E Merci och un de Rapporteur fir den exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Vu dass e ganz explizitt war an déi technesch





Detailer erkläert huet, géife mir natierlech och den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi bréngen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Haagen. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Majo, mir bleift just iwwreg, datselwecht ze soen: Merci dem Rapporteur an den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An d'Wuert huet elo den Här Gibéryen.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, kuerz zu dësem Projet e puer Wierder. Fir d'Éischt wëll ech och dem Kollege Eugène Berger Merci soe fir säi Rapport doriwwer, datt mer hei eng Décisioun vum Conseil vun der Europäescher Unioun vum 26. Mee 2014 iwwert d'Ressources propres ëmsetzen.

Den Eugène Berger huet erkläert, datt mer am Fong zënter 1970 dräi Ressourcen hunn, fir d'Europäesch Unioun ze finanzéieren. Dat sinn déi eege Ressourcen, déi se hunn, sief et, datt dat Participatiounen un den Droits, den Taxe vun der Douane sinn, déi an Europa importéiert ginn. Et kënnen awer och Steiere vun de Fonctionnairë sinn an et kënnen Amendë sinn, déi an Europa mussen bezuelt ginn. Do der-niewent hu se en Undeel vun den TVAen, déi d'Nationalstaaten encaisséieren, zegutt. A se hunn dann d'Recetten zegutt, déi berechent gi bei den eenzelne Staaten op den RNB.

D'Fro, déi mer stellen, an den Eugène Berger huet dat och virdu gesot, dat ass de Prinzip, datt am Fong kee Memberstat muss eng exzessiv budgetär Laascht droe vis-à-vis zu senger relativer Prosperitéit.

D'Fro, déi ee sech duerfir muss stellen, ass, firwat datt eng Rei vun europäesche Staaten awer ëmmer an deenen Accorden, an zwar geet dat op den Ufank praktesch zrëck, all Kéiers aner Staaten oder ëmmer déiselwecht Staaten Extrawurschten hei an dësem Zesummenhang berechent kréien.

Wa mer soen, datt am Fong kee Memberstat dierft méi belascht ginn, wéi dat verdréiglech fir säi Land ass, da gesi mer awer, datt déi Länner, déi am Fong hei Déchargé kréien, datt dat awer net déi äermste Länner aus der Europäescher Unioun sinn, déi hei Déchargé kréien, well mer gesinn, datt Däitschland, Holland a Schweden net den integralen Taux vun der TVA mussen bezuelen, wéi et fir aner Länner übblech ass, dat sinn 0,30%, mä datt Däitschland, Holland a Schweden 0,15%, also d'Halschent mussen bezuelen. Quitte datt Holland vun 0,10 op 0,15% elo eropgesat gëtt, mä se bezuelen awer e gutt Stéck manner, wéi déi aner Länner bezuelen.

An och Dänemark, Holland a Schweden hunn eng Reduktioun op der Basis vum RNB. An Eisträich kritt eng Kompensatioun, well op där anerer Säit eng Reduktioun ewechfällt, vu 60 Milliounen fir d'Zäitraim 2014-2016. An d'Englänner kréien déi vun der Madamm Thatcher agedriwwen Vergëschtegung och erëm weider bis 2020 verlängert.

An dat ass am Fong d'Fro, déi sech hei stellt: Firwat gëtt et do eng Rei vu Länner, déi finanziell jo awer net schlecht dostinn - et si jo net déi äermste Länner aus Europa, déi hei Déchargé kréien -, firwat kréien déi déi? Wat sinn d'Argumenter, fir datt se déi kréien?

An op där anerer Säit, wann déi Länner esou Déchargé kréien, firwat huet d'Lëtzebuerger Regierung da keng Argumenter gehat, fir och fir onst Land do Déchargen ze kréien? Oder muss Lëtzebuerg och eng Keier en David Cameron kréien, deen zu Bréissel d'Interesse vu Lëtzebuerg vertrëtt?

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Eng aner Fro, déi sech stellt, dat ass, datt dat heiten eng Retroaktivitéit kritt op den 1. Januar 2014. An et steet am Text dran, datt deen Accord a Kraaft trëtt, ech mengen, 14 Deeg, nodeem dat leschte Land beim Sekretariat seng Ratifikatioun déposéiert huet. Mä den Accord ass retroaktiv op den 1. Januar 2014.

D'Fro, déi ech nach do un den Här Minister hunn, Här President, dat ass, ob, wéinst der Retroaktivitéit, déi Berechnungsbasis, déi mer elo hate fir 2014/15, och schonn opgrond vun dësem Accord gemaach ginn ass, oder ass dat nach opgrond vun deem Accord vir-drun?

An anere Wierder: Gëtt deen Accord, deen nach net ratifizéiert ass an net juristesche applikabel ass, schonn ugewannt oder net? A wann, wat fir eng Répercussionen hätt dat op d'Budgeten, déi scho laanscht sinn, déi scho quasi

ofgeschloss sinn? Misste mer do nobezuelen? Kréiche mer Suen erëm?

Et ass natierlech, an et hunn och scho Virriedner gesot, opgrond vun der Fiche financière net méiglech, eng Estimatioun ze maachen, wat dat genau fir de Lëtzebuerger Budget bedeit, op jidde Fall net fir déi Joren, déi duerno kommen. Fir 14/15 misst ee se kënnen maachen. Do weess een, wat ee vun TVA erakritt huet. Do kéint een zumindest jo déi Estimatiounen maachen. Dat ass am Zesummenhang mat där Fro, déi ech elo grad gestallt hunn, ze gesinn.

Wat kloer ass, ass, datt een net fir déi Jore bis 2020 kann eng Estimatioun maachen, wéi den RNB ausgesäit a wéi d'TVA-Recetten ausgesinn.

Mir wäerten et vun den Äntwerte vum Minister ofhängeg maachen, ob mer dësem Projet zoustëmmen oder net.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun, an den Här...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Här President, wann ech gelift! D'Sensibilité!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Oh! Oh!

(*Hilarité*)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech hat awer e puermol ganz kloer d'Hand ausgestreckt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, wësst Der, an Zukunft meldt Der lech matzäit,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ... dann ass et méi einfach. Dir hutt awer d'Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech muss lech soen, ech sinn duerch déi ganz interessant Diskussioun hei inspiréiert ginn, fir iwwerhaapt eppes dozou ze soen.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Virun allem vun deem, wat de Verrieder vun der ADR a senger typescher ADRs-Manéier erëm eng Keier gesot huet, wou en eng Reduktioun fir de Lëtzebuerger Bäitrag - wou ech awer wëll soen, Lëtzebuerg ass och e räicht Land - wëllt hei kréien. Also, mir froe sécher keng...

(*Brouhaha*)

Mir froe sécher keng Reduktioun um lëtzebuergesche Bäitrag an dem EU-Budget. Mir wäerten och dee Projet hei stëmmen, obschonn ee kann diskutéieren iwwert d'Aart a Weis, wéi dat opgeschlësselt ass tëschent de Länner. Do wier selbstverständlech viles nach ze soen.

Wat awer fir eis wichteg ass an deem heite Projet, dat ass, dass en alt erëm eng Keier weist, wéi ongenügend dass d'Finanzéierung vun der Europäescher Unioun ass an dass dat eigentlech de Problem ass, virun deem mer stinn.

1% vum Räichtum vun all de Länner, dat ass de Budget vun der Europäescher Unioun. Et wiere souguer 1,23%, mengen ech, méiglech. Mä et ginn der a Wierklecheit nëmmen 1% ausginn. An do gesäit ee ganz kloer, wou d'Problemer leien.

D'Problemer leien och eiser Meenung no doranner, dass d'EU keng Ressourcen propres eigentlech huet. Dat heescht, et kéint ee sech virstellen, dass d'EU géif eng Steuer ophiewen, zum Beispill eng Finanztransaktionssteuer ophiewen, zum Beispill eng Verméigenssteuer ophiewen. Eréischt da kéinte mer ufänken an der Europäescher Unioun, eng wierklech Politik ze maachen. An ech mengen, d'Besoin si ganz kloer do. Et ass e Besoin do. Zum Beispill an der Flüchtlingsfro gi Sue gebraucht. Et gi Sue gebraucht, wat d'Strukturfongen ugeet, fir déi strukturschwaach Länner ze ënnerstëtzen.

Dat sinn déi eigentlech Enjeuen, déi sech an Zukunft stellen. D'Europäesch Unioun gëtt entweder eng Transferunioun oder et gëtt eng Unioun, déi dobaussen net méi akzeptéiert gëtt. Et kann nëmmen eng Transferunioun ginn. D'Droite ass do dergéint natierlech, an d'ADR ass och do dergéint, dass et eng Transferunioun gëtt,...

(*Interruption par M. Gast Gibéryen*)

...esou wéi d'CSU an Däitschland an esou weider. Firwat? Well se net wëllen, dass eng Solidaritéit an Europa de Grondprinzip vum Fonctionnement gëtt, esou wéi Solidaritéit eigentlech de Grondprinzip vum Fonctionnement vun all Stat ass. Dat ass den eigentleche Problem.

Mir stëmmen trotzdem fir dee Gesetzesprojet hei, wéi ech gesot hunn. Mä an Zukunft an och, wa mer deen Débat d'orientation iwwert d'Zukunft vun der Europäescher Unioun féieren, mussen mer eis ganz seriö déi Gedanken do maachen, a wat fir eng Richtung, a wat fir eng

finanziell Richtung d'Europäesch Unioun sech an Zukunft muss weiterentwéckelen, wa se iwwerhaapt soll eng Zukunft hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dann huet elo de Finanzminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, obwuel jo hei vill Konsensus besteet, huet d'ADR mer jo hei e bëssen en Défi gemaach, dass ech se soll iwwerzeegen, derfir ze stëmmen. Elo hoffen ech, dass ech dann deen Examen packen.

Fir d'Éischt, fir ze insistéieren, dass deen heite Projet sech haaptsächlech, en fait nëmmen op d'Recettë vun dem europäesche Budget konzentréiert, net op d'Dépenses, an zwar fir eng Period vu siwe Joer vun 2014 bis 2020. Ech hu mech och vill mat dem europäesche Budget d'lescht Joer beschäftegt am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence, vu dass mer hu misse de Budget vun den Dépense fir 2016 an eiser Présidence verhandelen an dass mer dat relativ gutt iwwert d'Bühn krute mat enger grousser Majoritéit am Europaparlament, déi d'Lëtzebuerger Présidence gelueft huet.

Et ass ganz richtig, wa gesot gëtt, dass d'Moyenen, déi Europa sech gëtt a sengem Budget, vill ze kleng sinn. 1%, et ass wouer, 1% vum PIB ass d'Limit, déi de Moment en vigueur ass. An en fait kéint ee méi héich goen, mä dat ass nach net de Fall. An dofir kann och den europäesche Budget net all deene Missiounen, déi ee sech kéint wënschen, entgéintkommen.

De Prinzip ass deen, dass keng Charge excessive soll engem Land opgedroe ginn. Dat ass richtig. Mä an engems gëtt och gesot, dass verschidde Länner méi bezuelen an anerer manner. Dofir gëtt et zwou Kategoriën Länner am Budget, an de Budgetrechnungen: déi Länner, déi „contributeur net“ sinn, déi, déi ebe méi abezuelen, wéi se erauskréien, an déi aner. Lëtzebuerg ass natierlech bei de Contributeurs nets.

A wann den Ënnerschied tëschent deem, wat een erabzilt an erauskritt, ganz grouss ass, da kann ee verschidden Ajustementen kréien. Dat ass d'Äntwert op d'Fro, firwat verschidde Länner dann aner Tauxen hunn. Dat ass, well den Écart bei hinne ganz grouss ass.

Wat elo Lëtzebuerg ubelaangt, ass et esou, dass mir e Contributeur net sinn. D'Ziffer si genannt ginn. Mir bezuele ronn a mir hunn an de leschte siwe Joer ronn zwou Milliarden abezueelt a mir hunn 1,5 Milliarden erëmkritt. Dat heescht, mir hunn ongeféier 500 Milliounen méi abezueelt. Mä mir dierfen net vergiessen, dass Lëtzebuerg jo eng Plaz ass, wou d'europäesch Institutiounen zu engem groussen Deel hire Sëtz hunn, an dass eis Regierungen virdu sech geschloen hunn an den 80er Joren, fir dass justement all déi Käschten, déi domat verbounen sinn - dat sinn administrativ Dépenses -, dass déi Lëtzebuerg net ugerechent ginn. An do war e Wëllen an den 80er Joren, fir justement déi Dépense Lëtzebuerg unzekräiden. An da wäre mer nach vill méi e grouse Contributeur net ginn.

Do huet ee missen e ganz staarke Match maachen, fir d'Europäesch Kommissioun an d'Institutiounen ze iwwerzeegen, dass déi Dépenses, déi hei getäget ginn, dass déi net als Dépenses en faveur vu Lëtzebuerg gezielt ginn. Déi sinn also neutraliséiert ginn. An där Hिसicht mengen ech, dass Lëtzebuerg net negativ hei behandelt ginn ass. An dofir mengen ech och, dass ee ka soen, dass mer zwar ee Contributeur net sinn, mä natierlech d'Avantagen hunn, hei Siège vu villen Institutiounen ze hunn, wat wéineg aner Länner hunn.

Zu der Fro iwwert d'Retroaktivitéit ass et elo esou: Effektiv trëtt déi nei Regelung iwwert d'Recettë vum Budget vun Europa eréischt dann a Kraaft, wann allegueren d'Länner dat gemaach hunn, retroaktiv. De Moment, an déi Fro ass gestallt ginn, dat, wat Lëtzebuerg fir 2014 an 2015 abezueelt huet, ass gerechent ginn op deen ale Plang vun 2007 bis 2013. Dat heescht, do wäert och nach eng Korrektioun kommen, wann dat neit Reglement a Kraaft trëtt.

An de toute façon sinn eng ganz Rëtsch Saachen, déi all Joers dat nach hei influenzéieren. Vum britesche Scheck ass geschwat ginn. Mä och all Joers kann e Budget rectificatif oder e puer am Europaparlament an am Conseil gestëmmt ginn. An och dat huet dann erëm eng Keier en Impakt op dat, wat ee schlussendlech bezilt. A letztendlech, och d'Amenden, déi jo all Joers variéieren, ginn och imputéiert op d'Cotisation oder op d'Contribution, déi all Land muss maachen. Dat heescht, déi Zifferen hei sinn nach ëmmer relativ provisoresch.

Mä mir suivéieren dat natierlech als Finanzministère ganz genau, dass déi Rechnunge rich-

teg gemaach ginn a Lëtzebuerg dat bezilt, wat et muss bezuelen.

Ech soen lech Merci an ech soen dem Eugène Berger Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an dëser Matière, déi zwar e bësse komplizéiert ass, mä wou den Enjeu an déi Suen, ëm déi et geet, awer ganz vill sinn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kënnen mer direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6920 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet 6920 ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Abstentiounen ugehall.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Et bleift d'Fro, ob mer d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ginn.

(**Assentiment**)

Dat ass de Fall. Dat ass dann esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6410, de Projet de loi, deen eng Ofännerung vum Jugendgesetz bréngt. D'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Gilles Baum.

## 12. 6410 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegeen, an der Regel verlossen d'Gesetzestexter d'Chamber seelen esou, wéi se déposéiert goufen. A verschiddene Fäll proposéiert d'Regierung Amendementer oder déi zoustänneg Kommissioun proposéiert Amendementer. Meeschtens kënn et och zu Opposition-formelle vum Statsrot, soudass den Text muss ofgeännert ginn.

Dee virleiende Projet de loi 6410, deen d'Gesetz iwwert d'Jeunesse aus dem Joer 2008 ofännert, huet e bësse vun allem. E gouf zweemol vun der Regierung ofgeännert. Et goufen Opposition-formelle vum Statsrot, an och d'Éducatiouskommissioun huet Amendementer eragereecht. Ech wäert am Laf vu menger Ried am Detail drop agoen, wat d'Knackpunkte vun dësem Projet waren a firwat et net evident war, eng Léisung ze fannen.

An de leschte Joren huet de Secteur vun der Kannerbetreierung zu Lëtzebuerg eng rasant Entwécklung matgemaach. Gouf et 2004 hei am Land 7.712 Plazen a Betreuungsstrukturen, esou waren et der d'lescht Joer 51.124. Dat entsprécht enger Relatioun Offer-Populatioun vun 63%. An anere Wierder, knapp zwee Drëttel vun de Kanner am Alter tëschent 0 an 12 Joer hu bei eis am Land eng Plaz an enger Betreuungsstruktur.

Derbäi kommen nach knapps 700 Dageselteren, bei deenen och nach eng Keier 3.728 Kanner betreit ginn.